PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11/01/2023

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Interieur weiderzeleeden.

A menger parlamentarescher Fro Nummer 4938 vu September 2021 hat ech d'Madamm Ministesch op verschidde potentiell Dysfonctionementer um 112 higewisen. Laut der Äntwert op d'Fro 6982, Froen 1 an 2, huet d'Madamm Ministesch nëmmen d'Informatioun vun 2 Agente beim CGDIS, déi den 112 verlooss hunn, an eng Persoun, déi geplangt huet de Service ze verloossen. Dëst ass mengen Informatiounen no net richteg. Et wiere mindestens 5 Persounen, déi de Service 2022 verlooss hätten an eng Persoun, déi den Départ annoncéiert hätt.

An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°7189 huet d'Ministesch gesot:

> *"Wann den Deputéierte schreift, datt et sengen Informatiounen no "mindestens 5 Persounen, déi de Service 2022 verlooss hätten", wieren, da muss ech den Deputéierten driwwer informéieren, datt seng Informatiounen net richteg sinn. Et ass also den Deputéierten, net d'Inneministesch, dee falsch informéiert ass."*

An der Äntwert op d'parlamentarsch Fro n°7238 zum selweschten Thema sot d'Madamm Ministesch:

> *"[...] datt ech als Inneministesch net zoustänneg fir déi intern Personalgestioun vum CGDIS sinn. Dofir kann ech net op Froe ronderëm d'Personalgestioun vum CGDIS äntwerten."*

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wees d'Madamm Ministesch wéi vill Leit den 112 d'lescht Joer verlooss hunn oder net?

2. Wéi erkläert sech d'Madamm Ministesch hier ënnerschiddlech Äntwerten op déi selwescht Fro?

3. Wat ass déi korrekt Äntwert op d'Fro wéi vill Persounen den 112 2022 verlooss hunn an aus wat fir enge Grënn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten